N°3503
Entrée le 22.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2026
Chambre des Députés

FRAKTIOUN CSV

Här Claude WISELER
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 22. Januar 2026

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Äech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil an un den Här Bildungsminister weiderzeleeden.

Den Artikel 271 (2) vum Code de la Sécurité sociale gesäit vir, dass d'Recht op d'Familljeleeschtunge bis zum Enn vum 25. Liewensjoer bestoe bleift, wann de Jugendlechen eng Ausbildung am klassesche Secondaire oder am Secondaire général mécht. Dat gëllt och, wann de jonke Mënsch eng spezialiséiert Schoul oder e Kompetenzzentrum fir psycho-pädagogesch Spezialbetreiung besicht. Allerdéngs schreift den Artikel 271 och vir, dass d'Ausbildung muss „sur place" gemaach ginn. Groussjäreger, déi also en „enseignement à distance" maachen, z.B. den E-Bac, oder am Homeschooling sinn, hu kee Recht op Kannergeld. Dat gëllt och fir déi, déi am Sënn vum Artikel 274 vum Code de la sécurité sociale eng physesch oder eng mental Beanträchtegung vu mindestens 50 Prozent hunn. Si hunn deemno och kee Recht op eng „allocation spéciale supplémentaire".

An deem Zesummenhang wéilt ech gäre follgend Froen un den Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil an un den Här Bildungsminister stellen:

- Wéi schätzt de Minister d'Situatioun vu Jugendlecher a Situatioune vu Beanträchtegung an, déi aus gesondheetlechen oder mentale Grënn net „sur place" kënnen enseignéiert ginn, mä op een Enseignement op Distanz ugewise sinn?
- Ass d'Regierung bereet, den Artikel 271 (2) vum Code de la sécurité sociale nei ze formuléieren, fir all Ongläichbehandlung tëscht Jugendlecher, onofhängeg vun hire spezifesche Bedierfnisser an onofhängeg vun der Form, an där den Enseignement gehale gëtt, ofzebauen, fir esou sécherzestellen, dass all déi betraffe Persounen Zougang zum Kannergeld an der „allocation spéciale supplémentaire" kréien?
- Ass de Minister bereet, zesumme mat de betraffenen Acteuren·ricen, ze préiwen, wéi den Artikel 271 (2) esou kéint ugepasst ginn, dass en den aktuelle Realitéite vun der schoulescher Inklusioun an den technologesche Méiglechkeete Rechnung dréit, ouni dobäi Mëssbrauch ze begënschtegen?
- Ass de Minister der Meenung, dass eng Ännerung an deem Sënn och kéint derzou bäidroen, den „décrochage scolaire" bei de betraffene Persounen ze verhënneren?

Här President, ech bieden Äech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Nathalie MORGENTHALER
Deputéiert

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n°3503 vun der honorabeler Deputéiert Nathalie Morgenthaler iwwer Kannergeld an Unterricht op Distanz.**

- *Wéi schätzt de Minister d'Situatioun vu Jugendlecher a Situatioune vu Beanträchtegung an, déi aus gesondheetlechen oder mentale Grënn net „sur place" kënnen enseignéiert ginn, mä op een Enseignement op Distanz ugewise sinn?*
- *Ass d'Regierung bereet, den Artikel 271 (2) vum Code de la sécurité sociale nei ze formuléieren, fir all Ongläichbehandlung tëscht Jugendlecher, onofhängeg vun hire spezifesche Bedierfnisser an onofhängeg vun der Form, an där den Enseignement gehale gëtt, ofzebauen, fir esou sécherzestellen, dass all déi betraffe Persounen Zougang zum Kannergeld an der „allocation spéciale supplémentaire" kréien?*
- *Ass de Minister bereet, zesumme mat de betraffenen Acteuren.ricen, ze préiwen, wéi den Artikel 271 (2) esou kéint ugepasst ginn, dass en den aktuelle Realitéite vun der schoulescher Inklusioun an den technologesche Méiglechkeete Rechnung dréit, ouni dobäi Mëssbrauch ze begënschtegen?*
- *Ass de Minister der Meenung, dass eng Ännerung an deem Sënn och kéint derzoubäidroen, den „décrochage scolaire" bei de betraffene Persounen ze verhënneren?*

D'Konditioune fir datt Kanner ab 18 Joer nach e Recht ob Kannergeld hu sinn am Artikel 271 vum Code de la sécurité sociale festgehal. Den Artikel 271, Paragraf 2 seet Follgendes :

« *Le droit à l'allocation familiale est maintenu jusqu'à l'âge de vingt-cinq ans accomplis en faveur de l'enfant qui :*

*a) poursuit effectivement, sur place dans un établissement d'enseignement, à titre principal d'au moins vingt-quatre heures par semaine des études secondaires classiques, secondaires générales ou y assimilées ;*

*b) poursuit effectivement, sur place et à titre principal des études ou une formation adaptée à ses capacités dans un institut spécialisé de formation ou centre de compétence en psycho-pédagogie spécialisée ;*

*c) poursuit un apprentissage suivant les dispositions de l'article L. 111-1 et suivants du Code du travail et dont l'indemnité est inférieure au salaire social minimum.* ».

Déi Dispositioune fannen hiren Ursprung am Gesetz vum 23. Juli 2016, dat ënner anerem den Artikel 271 vum Code de la sécurité sociale ob deem Punkt modifizéiert, erëm, a sinn och an den Travaux parlementaires zu deem Gesetz explizéiert ginn (Doc. parl. Nr. 6832, S. 33). De Gesetzgeber präziséiert hei datt d'Finalitéit vum Kannergeld doranner besteet fir Ménagen ze ënnerstëtzen an deem Kanner present sinn. Et geet hei wuelgemierkt ëm déi Kanner déi kee Verdéngscht hunn, also net kënne schaffen. Forcément kënne Kanner déi op der Plaz an enger Schoul wärend enger festgesatener Zäit hir Formatioun maachen, net schaffen.

Par contre, ass dat net bei Kanner déi en e-BAC maachen de Fall. Donieft ginn et nach aner Formatiounen déi och zu engem Bac kënne féieren an déi sech ebe grad u Leit riichten déi schaffen, wéi zum Beispill déi Formatiounen déi an Owescoursen ugebuede ginn.

Well et awer ganz schwéier ass fir hei eng Grenz ze zéien an ze kontrolléiere wien elo enger Aarbecht nogeet a wien net, an domat de Risiko fir Abusen an d'Luucht géif goen, huet de Gesetzgeber sech dofir entscheet fir déi Kanner ze viséieren déi hir Etüden an der Schoul maachen.

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2026

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn